

de Gang, d'Marche op déi gemeinsam Währung hi bedingt huet, fir dass se konnt am Kader vun enger grousser kontinentaler Réussite agefouert ginn. Munches aus deem Werner-Plang ass ëmgëssat ginn. Aner Saache sinn net ëmgëssat ginn, an dofir ass et vergiess ginn se ze erwähnen bei deenen Elementer, déi de Pierre Werner als "congénial" Elementer vun der Währungsunioun deemools beschriwwen huet, wéi zum Beispill eng adéquat Besteuerung vum Kapital a vun den Zëssen.

Den Här Werner huet säi Plang iwwert d'Währungsunioun net begräff als e wirtschaftlechen, monétaires, finanzpolitesche Virgang - dat och. En huet et gesinn als eng nei Versioun vun europäescher Ambitioun. Dofir schreift en an dem Werner-Rapport, dass d'Wirtschaftsplan d'Währungsunioun "d'Ferment" ass fir d'europäesch politesch Unioun. Sazdeel, dee mer haut, vill Joerzëngten dono, begräifen als eng Sproochschöpfung vun eiser Zäit.

De Pierre Werner war och grouss am Widdersproch, grouss am Ofleene vum galoppéierenden Zäitgeescht. Déi veröffentlecht Meenung, déi net ëmmer wäit kuckt, an dofir séier jugéiert, huet e ganz oft an d'Kategorie vun den Zauderer agereit. "Werner Cunctator" war eng vun deene meeschte gebrauchten Iwwerschrëften aus där Zäit. Et war eppes drun um Zécken, well dee Mann sech munches gutt iwwerluegt huet, ier en et zur politescher Form eruräife gelooss huet. Mä ech géif bieden, dat Zécken, wat en heiansdo hat, an zu deem e sech iwwergens och fräimideg bekannt huet, wann e selwer säi Schaffen am Land bilanzéiert huet, net op eng reaktionär Liewensgrondastellung ze buchen, mä där Astellung de Bénéfice vun där Nodenklechkeet ze ginn, déi duerch eng räich Liewenserfahrung geniert ginn ass.

De Pierre Werner war och grouss am Ëmgang mat aneren. Hien huet ni ee béise Saz gesot, dee pauschaliséiert hätt, a jiddfereen, deen ënnert d'Gewalt vun der Verurteilung oder vun deem Urteel gefall wier, wat en ni ausgeschwat huet, an en Tirang gestach hätt. Et gëtt keng Blessure an der Lëtzebuerger Politik, déi seng Ënnerschrëft a seng Handschrëft dréit, obschonn en dacks bleséiert ginn ass. En huet ni anerer humiliéiert, obschonn de Versuch, hie selwer ze humiliéieren, heiansdo ënnerholl ginn ass.

E konnt douce sinn, zäertlech bal, am Ëmgang mat aneren, déi net senger Meenung waren, sief et heibannen oder sief et - ech hunn dat als Jonken erlieft - a senger Partei, wou e sech huet missen dru gewinnen, dass och do heiansdo op eemol Nee gesot ginn ass. Wann e staark Iwwerzeegungen hat, konnt en aussergewöhnlech daitlech an der Sprooch ginn, esou zwar, dass een dat, wat e gesot huet, bal als Expressioun vu Brutalitéit konnt wäerten, wann en net direkt, erféiert iwwert dat Excessivt a sengem Wuert, probéiert hätt, senger Sprooch eng Kéier ze ginn, déi erëm zréckgefouert huet an dat harmonescht Mateneen.

Grouss war de Pierre Werner, well en iwwert de Saache stung, mä sech awer fir d'Saachen interesséiert huet. Grouss, well e verstanen huet, dass déi Saachen, iwwert deenen hie stung, fir munch aneren dee Moment déi wichtegst Saach war, déi et ginn ass.

Dass en dat konnt maachen, dass e sech konnt op d'Bänke stellen op sengem Liewenswee, wou en, wann en drop gestanen huet, méi wäit gesinn huet, sou wäit, wéi ee muss gesinn, wann een dat ze dinn huet, wat hien huet misse maachen, dann huet dat ganz vill ze dinn mat där Rou, déi e fonnt huet, bei senger Fra an a senger Famill. An et ass och senger Famill, där ech am Numm vun der Regierung eist Bäileed soen, well, och wa mir ëm de Politiker, de Statsmann, de Frënd Pierre Werner trauern, sou ass hiert Leed dach awer eent vun enger anerer Kategorie, well si dee joerzëngtelaange Referenzpunkt an hirem Liewe verléieren, déi kräfteg Mëtt, déi sou viles méiglech mécht an déi et erlaabt huet, dem Pierre Werner deen Tempo an déi Atmosphär an d'Liewen eranzeschreien, déi nëmme geschlosse Kreesser méiglech maachen, déi harmonesch zouginn.

De Pierre Werner huet sech ëm d'Mënschen hei heem an ëm d'Mënschen dobausse verdingt gemaach, well en déi Talenter, déi e kritt huet - an e wosst, weem em géif dofir merci soen - wuesse gelooss huet, vermeert huet, multiplizéiert huet, zum Gudde vun de Leit an zum Gudde vum Land.

Hien haut ze éieren an u säi Liewenswierk ze erënneren ass bal normal. Sech muar vun deemselwechte Liewenswierk inspiréieren ze loossen ass eng Exigenz.

**M. le Président.** - Ech géif lech elo bieden opzestoen, fir eng Minutt am Stëllen un de Verstuerwenen ze denken, an lech nach eng Kéier bewosst ze ginn, datt mat dësem Akt an dësem Abléck e laangt a wichtegt Kapitel vun eiser Geschicht zu Enn geet.

### **(Respect d'une minute de silence)**

Ech soen lech merci.

Mir géifen d'Sitzung dann elo fir e puer Minutten ënnerbriechen.

D'Sitzung ass ënnerbrach.

\* \* \*

Déi öffentlech Sitzung geet weider.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen? Den Här Minister Fernand Boden freet d'Wuert.

## **2. Dépôt de deux projets de loi**

**M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.** - Här President, ech sinn duerch den Arrêté grand-ducal vum 26. Juni 2002 autoriséiert, fir e Projet de loi ze déposéieren, an zwar de

– *Projet de loi 4977 modifiant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement.*

**M. le Président.-** D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi. Mir suergen dofir, dass dee Projet de loi un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet gëtt.

D'Wuert huet elo d'Mme Minister Anne Brasseur.

**Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.-** Här President, duerch den Arrêté grand-ducal vum 25. Juni sinn ech autoriséiert, e Projet de loi ze déposieren iwwert den 8. Plan d'équipement sportif an d'Modificatioun vum 7. Fënnfjoresplang vum Equipement sportif:

– *Projet de loi 4978 autorisant le Gouvernement à subventionner un huitième programme quinquennal d'équipement sportif et modifiant l'article 1er de la loi du 24 décembre 1997 concernant le septième programme quinquennal d'équipement sportif.*

**M. le Président.-** D'Chamber hält och Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch d'Mme Minister Anne Brasseur an e gëtt och un déi zoustänneg Kommissioun respektiv un de Conseil d'Etat weidergeleet.

### 3. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1. D'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deposéiert a gëtt un d'Fraktioun verdeelt.

2. Folgend Dépôte sinn den 1. Juli 2002 vun der Ausseministesche Greffe vun der Chamber gemaach ginn:

– *Projet de loi 4975 portant approbation du Protocole facultatif à la Convention relative aux droits de l'enfant, concernant l'implication d'enfants dans les conflits armés, fait à New York, le 25 mai 2000*

an de

– *Projet de loi 4976 portant approbation*

– *de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Hongrie sur la coopération dans le domaine du tourisme, signée à Budapest, le 3 novembre 1995*

– *de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de Malte sur la coopération dans le domaine du tourisme, signé à la Valette, le 16 octobre 1992.*

3. De Conseil Parlementaire Interrégional (CPI) huet seng 28. Vollversammlung den 21. Juni 2002 zu Otzenhausen un der Saar ofgehalen. D'Chamber war vertrueden duerch hire President an déi Häre John Schummer an Nicolas Strotz.

4. D'Beneluxparlament huet seng Plenarsitzung den 28. an den 29. Juni hei zu Lëtzebuerg ofgehalen.

D'Chamber war vertrueden duerch den Här John Schummer, President vum Beneluxparlament, an déi Hären Ady Jung, Jean-Pierre Koepp, Nico Loes, d'Madame Lydia Mutsch an den Här Théo Stendebach.

5. A senger Bréiwer vum 20. a vum 27. Juni 2002 huet de Generalsekretär vum Europaparlament den Text vun de Resolutiounen zoukomme gelooss, déi an de Sitzungsperiode vum 29. bis zum 30. Mee a vum 10. bis zum 13. Juni 2002 ugeholl goufen.

### 4. Ordre du jour

An hirer Reunioun vum 19. Juni huet d'Presidentekonferenz fir dës Woch folgenden Ordre du jour proposéiert:

Haut de Mëtteg hu mer:

1. d'Vereedegung vun engem neien Deputéierten;
2. eng Motioun vun der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire iwwert d'Ofrechnunge bei verschiddene Marchés publics;
3. de Projet de loi 4901 iwwert d'Organisatioun vum Enseignement an der Primärschoul.

Mar, e Mëttwoch, moies um 9 an nomëttes um halwer 3:

1. de Projet de loi 4712 iwwert de Punkteführerschäin;
2. de Projet de loi 4752A iwwert d'Verkéisersreglementatioun;
3. eng Konsultatiounsstonn iwwert déi Leit ouni gültig Pabeieren;
4. de Projet de loi 4790 iwwert de Beruff vum Affekot.

Iwwermer, en Donneschdeg, moies um 9 an nomëttes um halwer 3:

1. de Projet de loi 4806, en Ofkommen tëschent der EG an den AKP-Länner;
2. de Projet de loi 4880, en Ofkommen iwwert de Schutz vun de Fliedermais an
3. d'Orientéierungsdebatt iwwert déi nohalteg Entwécklung hei zu Lëtzebuerg.

Ass d'Chamber domat averstanen? Den Här Gibéryen freet d'Wuert zum Ordre du jour.

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Merci, Här President. Mat Datum vum 18. an 21. Juni hu mer zwee separat Bréiwer un lech adresséiert, fir zwou Heure-d'actualitéen op den Ordre du jour ze kréien, eng iwwert d'Revalorisatioun vun der Profession du médecin généraliste, an eng iwwert d'Schächte vun den Déieren aus reliéise Grënn.

D'Presidentekonferenz huet an hirer leschter Sitzung opgrond vun der Majoritéit CSV an DP dës zwou Heure-d'actualitéen net ugeholl, fir se op den Ordre du jour ze setzen. Mir sinn awer der Meenung, dass dat zwee wichteg Theme sinn, déi och aktuell sinn, an datt se dofir op